# MORTS POUR LA PATRIE



Goergen Leo
gefall am Osten, 10. Dez. 43
Alter 20 Joer



Kieffer Jängi
gefall bei Newel, 2. Febr. 44
Alter 22 Joer



Warny Theophile
gefall bei Bolschoja (Russl.)
19. Febr. 44, Alter 20 Joer



Schneider Josy
gefall zu Komaritschi,
25. Febr. 44, Alter 20 Joer



Leyers Jacky
gefall am Osten, 4. Nov. 43
Alter 21 Joer

SECTIO'N STENGEFORT

# *De' Tambower kommen un*

(Forts. vu Seit 1)
gro'ss vu ganz Letzeburg un seng Jonge sin. Endlech, endlech sin se do! Ech kucken d'Gesîchter vun de Leidd — den Här Simonis ass grad derbei d'Nimm virzeliésen — we' aus Sté sin se, bléch, d'Hèrzer schenge stöll ze stoen bis dén Abléck, wo' de Numm fällt. Dann e frédegen erle'sende Krésch, oder bei aneren urplötzlech Entspannong matt engem Seifzer, dén aus enger anerer Welt könnt.

Aus dem passage souterrain klenge letzeburger Lidder erop. D'Jongen récken un: we' vum Do't Erle'ster kommen se d'Trap erop, ro'eg, midd. An trotzdém können se eng hémlech Oprégong net ganz verstoppen. Den e'schte Sturm schengt se schon erschöpft ze hun, si sin ze vill Enttäuschunge gewinnt, fir datt si eng lând Fréd nach könnten zum Ausdrock brengen.

Elo stin se uewen virun der Trap, kucke rondöm sech, bal teilnahmslo's. Dann awer he'eren se hire Numm falen, se he'eren eng Stömm, de' se net vergiéss hun an déne lânge Joeren — hir Mamm . . .

An d'gro'ss Fréd, an den Durchernén vu Stömmen a Leidd erschâlt fest a kloer d'Stömm vum President vun der Ligue „Ons Jongen", dén d'Komeroden vun Tambow op letzeburger



*«Guden Apetit»*

Buedem am Numm vun all hire Komeroden wöllkomm héscht. Spontan erklenkt d'Hémecht, an dono gin d'Jongen iwer de Quai zu den Autoen dirige'ert, de' se op den Ho'wald brenge sollen.

Om Ho'wald, wo' d'Jongen bestömmt gudd opgedöscht kruten — den Appetit huet net geféit — konnt én sech se e bessche me' gené ukucken a matt hinne schwätzen. Verénzelter woren derbei, de' relativ gudd Minn hun; mé all de' aner hun eraus gesin, we' wann se frösch aus engem KZ ke'men, agefall, go'reg, verste'ert Gesîchter, d'Kopp geschuer. An dobei soen se, hätten se nach an de leschte 14 Dég vill zo'geholl. Wann én de' krank, bléch, knacheg Gesîchter gesin huet, huet én onwöllkirlech un de' Letzeburger mussen denken, de' önner den Aen vun der Gestapo, an an de gre'sste Geforen wärent dem Krich russesche Gefângen hei zu Letzeburg Bro't an aner Liéwensmöttel zo'gestach hun, fir datt se hiren Honger énegermôssen stölle konnten. E Gléck, datt d'Engländer hinne we'negstens anständeg Kléder gin hâten, soss wiren se, no hiren Aussoen, schlömmer we' Fatzbeidelen hei an der Hémecht ukomm. Zanter zwé Me'nt sin se önnerwé, durch Russland, Rumänien, Ungarn, Tschechei, Deitschland a Belgien. E Jong ass zu Do't verongléckt, e puer anerer sin nach um Transport gestuerwen. Wärent 14 Dég kruten se guer neischt z'iessen, an si hun sech selwer durch Organise'eren mussen hirt Iessen besuergen. Zu Berlin, wo' se frei erausgoe konnten, sin nach zwo' Dose preisesch Elementer durch d'Bascht gângen. D'Russen hâten de Jonge nämlech verbueden, de' Bridder do't ze schloen. Zu Bre'ssel wor den Empfank durch d'belscht Ro'd Kreiz gro'ssarteg.

Wann én d'Jonge gefrot huet iwer Russland, iwer hir Behandlong an hir Verpflegong, da krut én ömmer de nämlecht Aentwert! Aus durchsichtege Grönn wölle mer ons jidder Enzelhéten a jidder Kommentar enthâlen. Et si jo scho genuch Jongen eröm — an et gin der nach iwer 500 erward — de' können Opklärong gin!

Nodém datt d'Jongen sech regale'ert hâten, an nodém d'Preisen sechergestallt woren, konnten de'je'neg, de' d'Me'glechkét hâten, hém fueren. D'Ligue Ons Jongen huet de'je'neg de' am weitsten eweg wunnen, an hiren Auto gelueden, an huet se nach an der Nuecht hém gefe'ert.

Eng Szén wölle mer awer nach erziélen, de' an hirer brutaler Einfachhét direkt ergreifend wor. E jonge Kèrel vu 16 bis 17 Joer könnt an de Sall eran, wo' d'Tambower grad hannert den Tellere sötzen, kuckt sech e besschen öm, a sprengt matt engem Saz op e Jong duer, dé grad mam Iesse fèrdeg ass. E fällt him öm den Hals a rifft: Bip, mein Bruddei! De Jong kuckt sech de Kèrelchen en Ament un fir sech ze vergewösseren, brécht an e frédegt Lâchen a jeizt, wo'bei en dém aner e puer hèrzeg kräfteger op de Bâk hét: Wat! Bass du Flantes mei Brudder? Dén, net faul, hét him gené eso' kräfteger zréck, se huelen sech bei den Hoer, zerschloen sech a falen sech vu Gléckse'legkét öm den Hals. Typescht Erömgesin vu letzeburger Jongen. y.

# KOMERODSCHAFT

Drei lâng Joren waren de Pol an sei Komerod, é franse'schen Offize'er nu schons am K. Z. Jidferén kann sech denken wat dât alles héscht, drei Jor önnert dem Nazivéh. Mé de Pol an sei Komerod hunn sech nie önnerkre'e losst. We' sie de' ne'deg K. Z.-Erfahrong hâten, go'f n sie sech drun an hun lues a lues d'SS-Männer op hir preisesch Liéwer gepre'ft an hun och schliesslech é font, dén nit me' ganz fest an sengem giélen Glaw wor. No lânger Zeit hâten sie hién so'weit, hién huet onsen zwé Frönn SS-Uniformen mat alle Schikanen verschâft. Nodém sie nuechtelâng den „Heil Hitler" gepro'ft haten, sin ons zwé Jongen enges gudden Dâgs als stramm SS-Männer durch den Ausgank marsche'ert. De Franzo's dén eppes klenges Blénkiges um Mantel hât, huet d'Wâch nach gudd ugeschnauzt, well d'Pârt nitt se'er genuch opgâng ass. Matt engem be'sen Bléck zröck ob d'Lager sin ons zwé Frönn an eng gefe'erlech Freihét gângen. Mat dém e'schten Zuch sin sie no Berlin gefuer wo' grad de Moment ons gudd Tomys alles kurz a kleng gebommt hâten. Do hu sie sech se'er hirer sche'ner Uniform lassgemâch an sech önnert d'franse'sch Arbechter gemöscht a wacker um „Wiederaufbau" vu Berlin gehollef. We' sie sech dun all ne'deg Sâchen zesummengeklaut hâten, hun ons Jongen sech op de Wé gemâch fir an d'Hémecht. Et wor é lângen a gefe'erleche Wé, mé sie zwé, de' mat a'le Wâsser gewäsch waren, sinn och gudd zu Letzeburg ukomm. Do hu sie dun hiert neit Quarte'er ugewiese krut. Sie hu sech gleich per Velo op de Wé gemâch. Et wor bis elo alles gudd gângen, mé zu Reichel un der Attert, zwé Kilometer vrun dem Ziel, sollt hinnen dât preisescht Schicksal nach eng spillen an der Gestalt vun engem Grenzschutzmann, dén op émol virun hinnen opgetaucht ass. Et war jo nitt den e'schte Preiss, dén ons Jongen op hirer weiter Rés bege'nt hâten a si sin och nit erschreckt. Mé de Preiss jeitzt hinnen én „Halt" entge'nt an „Wer sind Sie, wohin wollen Sie!" (Virwetzeg we' d'Preisen ömmer waren). D'Äntwert de' hié krut war kûrz: „Wir sind Reichsdeutsche". De Preiss go'f sech nitt zefridden: „Wo kommen Sie her?" „Wir sind ausgebombt und kommen von Limburg". Duerob de Preiss: „Mensch, lüg nicht, in Limburg ist noch keine Bombe gefallen". Ons zwé waren och nitt op d'Nues gefall a ganz onschölleg sot dun de Pol: „Ja, wissen Sie Herr Zöllner, es bombt nun schon jede Nacht anderswo". De Preiss huet der Sâch nitt getraut an huet sie opgefuedert, mat an die nächst Gendarmerie ze kommen. Gedölleg we' zwe' Schof sin ons Jongen mat him lassgetrappt. Allerlé Gedanken sinn hinnen durch de Kapp gângen, bis de Franso's schliesslech sot: „Allez, on va essayer". Kaum gesot so'tzen sie um Velo a wollten un; mé leider war de Preiss gleich mat dem Revolver do an ons zwe'n de' guer keng Waff hâten, hunn pare'ere mussen. Duerobhinn huet hén hinnen dunn d'Loft aus de Veloen geloss an weider ass et gangen, de Preiss ömmer hannendrunn mat dem Revolver schossberét. Ons Jongen go'wen sich nach nitt. Nodém sie e puer Sätz gewieselt hâten, sprengt de Franso's an de Pol op de Preiss duer, de Franso's erwöscht dem Preiss sei Velo a mecht sech ewég dermatt. De Pol ass dem Preiss an d'Arem gefall an wollt him de Revolver ofhuelen, mé leider ass hén gleich drop schwe'er getraff zu Buedem gesonk. Ganz Magezin hat de Preis op de Pol lassgedröckt, mé Gottseidank nömmen drei Mol getraff. De Pol war nach klo'er bei Verstand an duecht bei sech, wann hén elo de Magazin wieselt am Revolver, dann as de Moment do, wo' ech hén huele kann. Mé de Preiss hat och duermatt gerechnet an huet de Pol eng Ke'er fest mam Stiewel op d'Stier gerannt, sodass de Pol den Tommel krutt. Nodém de Preiss den Revolver erömm gelueden hât an de Pol nés zo' sech komm ass, sin sie weider gangen. Op der Kreizstrôss stung de Wiert virun der Dier an huet den Zöllner gudd verbotzt we' hén dem Pol scin bluddige Kierper gesinn huet. De Pol huet no enger Schossel Wasser gefrot an de Preiss huet Aen gemâch wie eng Schei'erpârt a gejaut: „Mensch, Sie Schwindler wollen Reichsdeutscher sein und sprechen luxemburgisch." Iewerdém ko'm de Wiert mat dem Wasser. De Pol erwöscht dun de verdutzten Wiert mat senger Schossel a geheit sie op den Zöllner duer an mecht sech so' se'er we' seng Wonne et erlabt hunn, zur Dier eraus. Dobaussen ass hien mat

(Fortgesat op Seit 4)

*La Ligue «Ons Jongen» remercie le Gouvernement, les Ministres étrangers, la ville de Luxembourg, l'Evêque de Luxembourg, l'Armée luxembourgeoise, l'Oeuvre de la Grande-Duchesse Charlotte, ainsi que les sociétés de musique, les sections de la Ligue et tous les particuliers qui lui ont prêté leur concours à l'occasion de la Journée «Ons Jongen».*